N°2252
Entrée le 25.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 25.04.2025
Chambre des Députés

adr

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Abrëll 2025

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister weiderzeleeden.

Zum Jugendprisong (Unité de sécurité du Centre socio-éducatif de l'État Unisec) hätt ech follgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill Persoune waren am Joer 2024 am ganzen an der Unisec agespaart? Wéi deelen si sech op no Geschlecht an Nationalitéit? Wéi ass den Undeel u Persounen, déi am Ausland gebuer goufen? Wéi vill hu kee Wunnsëtz zu Lëtzebuerg gehat?
2. Wéi eng Sprooch gëtt üblecherweis vum Personal an der Kommunikatioun mat de Jugendlechen an der Unisec benotzt? Muss d'Personal (Educateuren, Sécherheetspersonal) déi dräi administrativ Sproochen, besonnesch och Lëtzebuergesch, beherrschen? Falls net, aus wéi engem Grond gëtt sech hei géint adequat Kenntnisser an den dräi Sproochen a besonnesch am Lëtzebuergeschen ausgeschwat?
3. Kann den Här Minister confirméieren, datt den 31. Mäerz eng Aktivitéit wärend der Schoulzäit an der Unisec stattfonnt huet, fir d'Enn vum Ramadan ze feieren? Ginn am Jugendprisong Mannerjäreger festgehalen, déi den islamesche Glawe praktizéieren a wa jo, wéi vill?
4. Huet d'Relioun vu verschiddenen Mannerjäregen en Afloss op d'Iesse vun alle Mannerjäregen an der Unisec, respektiv stinn deeglech Méiglechkeeten ouni Schwéngefleesch zur Verfügung a sti wéchentlech och nach reegelméisseg Platen mat Schwéngefleesch zur Auswiel oder gëtt hei ganz dorop verzicht?

Mir géifen den Här Minister bieden, d'Froen eenzel, esou wéi nummeréiert, ze beäntwerten.

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 2252 vum honorabelen Deputéierte Fred Keup**

1. **Wéi vill Persoune waren am Joer 2024 am ganzen an der Unisec agespaart? Wéi deelen si sech op no Geschlecht an Nationalitéit? Wéi ass den Undeel u Persounen, déi am Ausland gebuer goufen? Wéi vill hu kee Wunnsëtz zu Lëtzebuerg gehat?**

   Am Joer 2024 goufe 40 Jonker an der Unité de sécurité du Centre socio-éducatif de l'État (Unisec) opgeholl, dovu 25 Jongen a 15 Meedercher. Zwee Jonker haten eng duebel Nationalitéit, 25 Jonker sinn net zu Lëtzebuerg op d'Welt komm an 10 hate kee Wunnsëtz zu Lëtzebuerg.

**Nationalitéiteverdeelung :**

| | |
|---|---|
| luxembourgeoise | 16 |
| érythréenne | 4 |
| portugaise | 3 |
| syrienne | 3 |
| bosniaque | 2 |
| capverdienne | 2 |
| espagnole | 2 |
| roumaine | 2 |
| algérienne | 1 |
| brésilienne | 1 |
| iranienne | 1 |
| marocaine | 1 |
| polonaise | 1 |
| serbe | 1 |
| slovène | 1 |
| ukrainienne | 1 |

2. **Wéi eng Sprooch gëtt üblecherweis vum Personal an der Kommunikatioun mat de Jugendlechen an der Unisec benotzt? Muss d'Personal (Educateuren, Sécherheetspersonal) déi dräi administrativ Sproochen, besonnesch och Lëtzebuergesch, beherrschen? Falls net, aus wéi engem Grond gëtt sech hei géint adequat Kenntnisser an den dräi Sproochen a besonnesch am Lëtzebuergeschen ausgeschwat?**

   Üblecherweis gëtt sech an enger Sprooch un de Jonke geriicht, déi dëse versteet. Dëst kann eng vun den dräi Landessprooche sinn, oder eng aner, wann se vum Personal geschwat gëtt. D'Personal gëtt agestallt no de Reegelen, déi beim Lëtzebuerger Staat gëllen. Dozou gehéieren d'Maîtrise vun de

Landessprooche wéi och d’Méiglechkeeten, dovun dispenséiert ze ginn, am Fall vun engem Mataarbechter, deen „héich spezialiséiert“ ass. Dëst ass och emol de Fall, well mir hei vun engem héich spezialiséierten Aarbechtsëmfeld schwätzen, dat et sou net nach eng Kéier zu Lëtzebuerg gëtt.

3. **Kann den Här Minister confirméieren, datt den 31. Mäerz eng Aktivitéit wärend der Schoulzäit an der Unisec stattfonnt huet, fir d’Enn vum Ramadan ze feieren? Ginn am Jugendprisong Mannerjäreger festgehalen, déi den islamesche Glawe praktizéieren a wa jo, wéi vill?**

   Et sief spezifiéiert, datt d’Unisec kee Jugendprisong ass, mee eng Unitéit vum Centre socio-éducatif de l’État (CSEE), enger Struktur vum lëtzebuergesche Jugendschutz. Doriwwer eraus ass et esou, datt och Jonker mat islameschem Glawen an der Unisec opgeholl ginn. Wéi dacks dëst de Fall ass, a vu wéi vill Jonken den islamesche Glawen och gelieft gëtt, variéiert natierlech. D’Relioun gëtt net systematesch erfaasst. Wa Jonker hire Glawe liewe wëllen, gëtt dëst och an der Unisec am Sënn vun der UN-Kannerrechtskonventioun sou wéi den UN-Recommandatiounen iwwert d’Justiz fir Kanner a Jonker ënnerstëtzt. Dozou gehéiert den islamesche Faaschtemount. Den Ofschloss vum Faaschtemount ass den 31. Mäerz wärend enger verlängerter Mëttesstonn mat engem Barbecue a Musek begaange ginn.

4. **Huet d’Relioun vu verschiddenen Mannerjäregen en Afloss op d’Iesse vun alle Mannerjäregen an der Unisec, respektiv stinn deeglech Méiglechkeeten ouni Schwéngefleesch zur Verfügung a sti wéchentlech och nach reegelméisseg Platen mat Schwéngefleesch zur Auswiel oder gëtt hei ganz drop verzicht?**

   Am Sënn vun der beschtméiglecher Organisatioun vum Service, huet den CSEE virun enger Zäit decidéiert, ganz op Schwéngefleesch bei de Mëttegiessen, déi vun der Kiche vum CSEE preparéiert ginn, ze verzichten. Et ass och ëmmer méiglech, datt eis Pensionnairen een Iessen ouni Fleesch kréien. Niewent den Iessen, déi vun der Kiche preparéiert ginn, fannen och Kachaktivitéite statt, déi vun den Encadrantë mat de Jonken ënnerholl ginn. Hei kann och Schwéngefleesch verschafft ginn.

Lëtzebuerg, de 6. Juni 2025

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH